



**Äntwert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet, op d'parlamentaresch Fro n° 7765 vum 14. Mäerz 2023 vun den honorabelen Députéierten André Bauler an Claude Lamberty.**

Am Kader vun hiren aldeegleche Missiounen an Iwwerwaachungen am Stroosseverkéier iwwerpréift d'Police, dass d'Dispositiounen vum « code de la route » um nationalen Territoire respektéiert ginn, dorënner falen dann och d'Tempo-30 Zonen. Allerdéngs ginn dës spezifesche Kontrollen net onbedéngt separat esou agedroen, an et ass dofir net méiglech, dës statistesch ze erfassen.

Dës Kontrollen baséieren op der Analyse vun de lokale Pläng vun der “surveillance et contrôle de la circulation”, déi souwuel repressiv wéi och präventiv sinn, an orientéieren sech ënnert anerem un de Besoine vun de Gemengen. Heibäi gi Reklamatiounen vun de Gemengen, Buergermeeschteren a Bierger consideréiert.

Hei drënner ass eng Tabell mat der Unzuel vun den “Avertissement taxés”, déi sech op d'Tempo-30-Zonen bezitt vun 2020 bis 2022.

<b>Année</b>	<b>Nombre d'avertissements taxés - zone 30</b>
2020	2.057
2021	2.567
2022	1.864

Eis Datebanken erlaben eis et net, eng automatiséiert Recherche, déi sech spezifesch op d'Infraktioun “Délits de grande vitesse” an Tempo-30 Zone bezitt, duerchzuféieren, well et bei där Infraktioun juristesche net relevant ass, ab wéi enger maximal autoriséierter Vitesse een am Délit ass.

Lëtzebuerg, den 11. Abrëll 2023

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX